Lëtzebuerger

**duerf**

**fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement**

# Wat bedeit schonns e grot Hoer...

1976 huet de Claude Zidi e gesellschaftskritesche Film realiséiert, an deem et dorëms geet, d'Mënschen opmierksam ze maachen, opmierksam op dat séiert Liewen, opmierksam op de Fait, datt mer déi beschte Qualitéit zu engem bëllege Präis wëlle kréien. De Film heescht «L'aile ou la cuisse» an den Haaptpersonnage ass keen aneren ewéi de Louis de Funès. Am Film spillt hien den Direkter vum «Guide Duchemin» a seng Aufgab besteet doran, Stären u Restauranten ze verdeelen oder eben ewechzehuelen. Hie leet vill Wäert op frësch Wueren an alles wat kënschtlech hiergestallt gëtt, huet a sengen Ae kee Wäert. Säi Konkurrent am Film ass den Tricatel, e Mann, deen aus Pëtrol Wäin mécht, aus Plastik gëtt d'Zalot hiergestallt. Säin Iesse gesäit zwar wonnerschéin aus, alles ass gläich, awer vu Geschmaach, mir sinn äis eens, do brauche mer net ze schwätzen. Dës Roll, genee wéi vill anerer, passt wonnerbar op de Louis de Funès.



A sengem private Liewen huet hie ganz vill geschafft, hien huet Wäert dorop geluecht, datt Qualitéit anstatt Quantitéit geschaaft gëtt. Wann en eppes net konnt verstoen an akzeptéieren, da wor et d'Iwwerflächlechkeet. Iwwregens wor den de Funès e reliéise Mënsch, an och do wor et fir hie wichteg, datt et an d'Déift geet. Keng Iwwerflächlechkeet, mä de Bléck hannert de Rideau wor fir hie wichteg. Een dee just vum Evangelium geschwat huet, et awer net gelieft huet, nee, domat konnt hien näischt ufänken.

Wann ech haut de Fernseher umaachen, also 40 Joer nodeems de Louis de Funès als den Duchemin opgetrueden ass, wann ech haut sou munch Publicitéit kucken, da geet et meeschtens just nach dorëms, wéi wichteg et dach ass Sport ze maachen, a Sport a Sport a Sport. Mä wat wier Fitness ouni eng richteg Ernährung? Well och do kréie mer mëttlerweil gesot, wat mer nach däerfen iessen a wat net. An natierlech ass et eisen Handy, respektiv eis Auer, déi äis um Enn vum Dag genee seet, op mer genuch zu Fouss gaange sinn oder eben net. Dat ass d'Bild vun engem jonken, gesonde Mënsch: keng Falen, duerchtrainéiert an ëmmer e Laachen am Gesiicht. Dat ass Jugend, dat ass Zukunft... oder? Ass et dat wierklech?

An enger Priedegt, kuerz nom Dout vum Jean-Paul II, huet de Benedikt XVI vu sengem Virgänger als e Personnage geschwat, deen eng lieweg, jonk an dynamesch Kierch hannerlooss huet. Sou munchereen hat awer e Fragezeichen am Gesiicht stoen, well ... jonk an dynamesch? Wou sinn dann déi Jonk an de Kierchen, huet deen een oder aneren sech gefrot? An a punkto Jean-Paul II ... mir erënneren äis nach wéi en um Enn vu sengem Liewe kee Wuert méi konnt erausbréngen. Jonk an dynamesch? Eng Kierch mat Zukunft? Hat de Poopst Benedikt iren de Sënn fir d'Realitéit verluer? Mä opgepasst! Wat bedeit et jonk an dynamesch ze sinn? Huet dat just eppes mam Alter vun eisem Kierper ze dinn?

Et ass den Hl. Geescht, deen an äis wierkt. Hien ass et, Deen äis esoulaang net mat Rou léisst, bis mer verstanen hunn, wat eis Beruffung ass: eist Gléck ze fannen, elo schonns an dëser Welt. Et geet dorëms eng ëmmer méi enk Relatioun mat Gott ze kréien, mir kréien de Geescht vun der Léift, vun der Rettung, vun der Zukunft geschenkt. Egal wéi al de Kierper ass, egal wéi gebriechlech mer och sinn, op Falen, gro Hoer, oder guer keng méi, egal wéi al a jonk, egal ob gesond oder krank, mer all droen Zukunft an äis, well den Hl. Geescht an äis lieft a wierkt.

Den Hl. Geescht suergt dofir, datt mer an Unitéit kënne liewen, mat Gott an eise Matmënschen. Den Hl. Geescht invitéiert äis opzebauen, Bezéiungen a Projeten, déi Mënsche kënnen zesummebréngen. A soubal mer ufänken eppes opzebauen, jo, dann entsteet Zukunft. An een, dee mat Bléck an d'Zukunft säi Liewenswee mécht, een deen dorop vertraut, datt en e Projet realiséiere kann, esou e Mënsch ass a bleift jonk an dynamesch. Mer all si jonk a bleiwen et och, awer net nëmme well mer eng gewëssen Unzuel u Schrëtt am Dag gemaach hunn (Sport ass schonns wichteg, natierlech), ma well Gott an äis wierkt an äis dréit!

***Abbé Romain Richer***

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. – 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu – Tél. 44743-252 – Fax: 447 43-563 – E-mail: secretariat@jongbaueren.lu
CCPLLULL: LU12 1111 0040 0831 0000 – Jorescotisatioun: 14€

# D'Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren op der Foire Agricole 2016

Zënter laange Jore gehéiert déi aktiv Bedeelegung un der Foire Agricole zum Aktivitéitskalenner vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ)*. Deemno sinn d'Memberen aus de regionale Gruppe vun der LLJ och dëst Joer nees vum 1. bis 3. Juli an den Däichwisen am Asaz.

E Freideg, den 1. Juli 2016 assuréieren si den Accueil vun de Schoulklassen (bis zu 3.000 Grondschoulkanner), déi sech fir déi sëlleche Kanneratelieren ageschriwwen hunn, déi vu verschiddenen Aussteller ugebuede ginn. Dee ganzen Dag iwwer ginn de Schoulklassen och Féierungen ugebueden, déi vu jonke Membere vun der LLJ iwwerholl ginn.

Dësweidere kënnen d'Visiteuren – wéi gewinnt – um Stand vun der LLJ e Maufel iessen oder e Patt genéissen.

***Mir freeën äis op Äre Besuch!***







***Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.***

## *Jonk Leit vum Land hunn hir Zukunft an der Hand*

***Si droen d'Verbandsaarbecht am Joer 2016***

**Nationalpresidentin** LLJ a.s.b.l.: MEYERS Nelly, Dellen
**Nationalpresident** LLJ a.s.b.l.: BOONEN Jeff, Schweich

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren CLIÄRREF a.s.b.l.**

| | |
|---|---|
| ***President:*** | **SCHLECHTER Fränz,** *Reuler* |
| *Vizepresident:* | SCHRANTZ Luc, *Eselborn* |
| *Sekretär:* | FISCHBACH Jos, *Enscherange* |
| *Keessier:* | REIFF Véronique, *Weiswampach* |

*Memberen:*
BERSCHEID Laurent, *Selscheid*
BEWER Yannick, *Asselborn*
BOURG Marthe, *Stockem*
BRAQUET Fernand, *Munshausen*
KEIPES Louis, *Knaphoscheid*
KRETTELS Claude, *Boxhorn*
SCHROEDER Sarah, *Lieler*
SIEBENALLER Joy, *Huldange*
TURMES Ronny, *Eselborn*

*Nationalcomité LLJ:*
FISCHBACH Jos, *Enscherange*
SCHLECHTER Fränz, *Reuler*

*1. Keesserevisor:* MORN Sandra, *Hautbellain*
*2. Keesserevisor:* SIEBENALLER Kim, *Huldange*

*Vertrieder ONG-D:*
FISCHBACH Jos, *Enscherange*
SCHLECHTER Fränz, *Reuler*

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren DIKKRICH a.s.b.l.**

| | |
|---|---|
| ***President:*** | **POULL Pierre,** *Bourscheid* |
| *Vizepresident:* | HIRT Rick, *Warken* |
| *Sekretär:* | SCHMIT Jacques, *Ermsdorf* |
| *Keessier:* | TETZLAFF Nils, *Nocher* |

*Memberen:*
ANGELSBERG Bob, *Lellingen*
MERSCH Max, *Buschrodt*
WAGNER Pol, *Niederfeulen*

*Nationalcomité LLJ:*
ANGELSBERG Bob, *Lellingen*
HIRT Rick, *Warken*
MERSCH Max, *Buschrodt*
POULL Pierre, *Bourscheid*
TETZLAFF Nils, *Nocher*
SCHMIT Jacques, *Ermsdorf*
WAGNER Pol, *Niederfeulen*

*1. Keesserevisor:* LUDIVIG Tom, *Bourscheid*
*2. Keesserevisor:* SALENTINY Tom, *Huldange*

*Vertrieder ONG-D:*
HIRT Rick, *Warken*
POULL Pierre, *Bourscheid*

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren FUREN a.s.b.l.**

| | |
|---|---|
| ***President:*** | **BERLO Jeanne,** *Fouhren* |
| *Vizepresident:* | PLETGEN Jil, *Walsdorf* |
| *1. Sekretär:* | PLETGEN Claire, *Walsdorf* |
| *2. Sekretär:* | HECK Joyce, *Wahlhausen* |
| *Keessier:* | HEGER Henri, *Bastendorf* |

*Memberen:*
BERLO John, *Fouhren*
COENJAERTS Patrick, *Fouhren*
KESSELER Christophe, *Eppeldorf*
THINNES Michelle, *Niederpallen*

*Nationalcomité LLJ:*
BERLO Jeanne, *Fouhren*
BERLO John, *Fouhren*
COENJAERTS Patrick, *Fouhren*
PLETGEN Jil, *Walsdorf*

*Keesserevisor:* MOUSEL Sylvie, *Eppeldorf*

*Vertrieder ONG-D:*
BERLO Jeanne, *Fouhren*

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren MAACHER a.s.b.l.**

| | |
|---|---|
| ***President:*** | **ETRINGER Charel,** *Wecker* |
| *1. Vizepresident:* | MANGEN Jean-Marc, *Flaxweiler* |
| *2. Vizepresident:* | HOFFMANN Gilles, *Boursdorf* |
| *1. Sekretär:* | SCHILTZ Tessy, *Bigelbach* |
| *2. Sekretär:* | SCHILTZ Martine, *Steinheim* |
| *Keessier:* | SCHILTZ Laurent, *Rosport* |

*Memberen:*
CLEMENS Georges, *Lellig*
DENTER Maxime, *Echternach*
DE REIJER Conny, *Brouch*
STRONCK Anne, *Berdorf*

*Nationalcomité LLJ:*
CLEMENS Georges, *Lellig*
ETRINGER Charel, *Wecker*
HOFFMANN Gilles, *Boursdorf*
MANGEN Jean-Marc, *Flaxweiler*

*1. Keesserevisor:* GIRST Aly, *Rosport*
*2. Keesserevisor:* STRONCK Oliver, *Rosport*

*Vertrieder ONG-D:*
ETRINGER Charel, *Wecker*
KRISCHLER Tanja, *Bigelbach*

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren SÜDEN a.s.b.l.**

| | |
|---|---|
| ***President:*** | **RIES Martine,** *Alzingen* |
| *Vizepresident:* | CLOOS Paul, *Goeblange* |
| *1. Sekretär:* | MAJERUS Pol, *Wickrange* |
| *2. Sekretär:* | BERRIRI Camilya, *Bettembourg* |
| *Keessier:* | BARONE Gary, *Kayl* |

*Memberen:*
FEIPEL Eric, *Clemency*
GENGLER Caroline, *Koerich*
GENGLER Patrick, *Koerich*
MAJERUS Anna, *Wickrange*
MANGEN Ben, *Alzingen*
MERSCH Angèle, *Noertzange*
SCHMIT Jeff, *Septfontaines*
SCHNEIDER Claude, *Aspelt*

*Nationalcomité LLJ:*
BERRIRI Camilya, *Bettembourg*
FEIPEL Eric, *Clemency*
MAJERUS Pol, *Wickrange*
RIES Martine, *Alzingen*
SCHMIT Jeff, *Septfontaines*

| | |
|---|---|
| *1. Keesserevisor:* | WILWERT Jeannot, *Kayl* |
| *2. Keesserevisor:* | HABSCHEID Christophe, *Alzingen* |

*Vertrieder ONG-D:*
BERRIRI Camilya, *Bettembourg*
MAJERUS Pol, *Wickrange*
RIES Martine, *Alzingen*

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren UEWERSAUER a.s.b.l.**

| | |
|---|---|
| ***President:*** | **FELTUS Liz,** *Watrange* |
| *Vizepresident:* | DE LEEUW Dennis, *Wincrange* |
| *1. Sekretär:* | DAUBENFELD Jenny, *Gralingen* |
| *2. Sekretär:* | WEILER Jeanne, *Mecher* |
| *Keessier:* | BREUER Marc, *Wiltz* |

*Memberen:*
KARTHEISER Anne, *Diekirch*
SCHROEDER Sven, *Berlé*
WARMERDAM Max, *Mecher*
WEICHERDING Claire, *Hoffelt*

*Nationalcomité LLJ:*
DAUBENFELD Jenny, *Gralingen*
DE LEEUW Dennis, *Wincrange*
FELTUS Liz, *Watrange*
KARTHEISER Anne, *Diekirch*
WEILER Jeanne, *Mecher*

*1. Keesserevisor:* De DOOD Steve, *Wahl*
*2. Keesserevisor:* LOGTENBERG Anne, *Berlé*



*Vertrieder ONG-D:*
FELTUS Liz, *Watrange*
KARTHEISER Anne, *Diekirch*

**Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren ZENTER a.s.b.l.**

| | |
|---|---|
| ***President:*** | **KASS Franz,** *Rollingen /Mersch* |
| *1. Vizepresident:* | MAJERUS Louis, *Wahl* |
| *2. Vizepresident:* | PELLER Fränk, *Keispelt* |
| *1. Sekretär:* | CLESEN Gilles, *Colbach-Haut* |
| *2. Sekretär:* | BINCK Marthy, *Eschette* |
| *1. Keessier:* | MEYERS Nelly, *Dellen* |
| *2. Keessier:* | ALBERS Sammy, *Boulaide* |

*Memberen:*
DROUET Carlo, *Beckerich*
MEYERS Laurent, *Dellen*
ORIGER Christian, *Eschdorf*
STEICHEN Anne, *Lehrhof*
WEIS Andy, *Colbach-Bas*

*Nationalcomité LLJ:*
ALBERS Sammy, *Boulaide*
BINCK Marthy, *Eschette*
CLESEN Gilles, *Colbach-Haut*
DROUET Carlo, *Beckerich*
KASS Franz, *Rollingen /Mersch*
MAJERUS Louis, *Wahl*
MEYERS Laurent, *Dellen*
MEYERS Nelly, *Dellen*
ORIGER Christian, *Eschdorf*
PELLER Fränk, *Keispelt*
STEICHEN Anne, *Lehrhof*
WEIS Andy, *Colbach-Bas*

*Vertrieder ONG-D:*
KASS Franz, *Rollingen /Mersch*
PELLER Fränk, *Keispelt*
STEICHEN Anne, *Lehrhof*

## Personal an der Zentral vun eisem Verbänn

**Nationalaumônier LLJ:** RICHER Romain, *Lintgen*
**Permanent LLJ:** GLODT Franz, *Mertert*
**Sekretärin LLJ:** HEUSCHLING-RISCHETTE Chantal, *Luxembourg*
**Chargée de projets:** MONVILLE Jacqueline, *Sprinkange*

*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Süden a.s.b.l.*

# „1. Plouconcours" der LLJ Süden

### *am Sonntag, dem 28. August 2016 in Goeblange*

Die Idee, eine neue Aktivität in den Kalender der regionalen Gruppe der „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren" (LLJ) aufzunehmen, kam mit dem Beitritt vieler junger, motivierter Jungbauern und Jugendlicher.

Um der Nachfrage der neuen Mitglieder der LLJ-Gruppe entgegenzukommen, hat sich der Vorstand entschieden, den Pflugwettbewerb - den sogenannten „Plouconcours" – neu aufleben zu lassen. Somit lädt der Vorstand der LLJ Süden alle Landwirte, die im Besitz eines Pfluges sind, ganz herzlich ein, an diesem Wettbewerb teilzunehmen. ***Hier wird nicht die Schnelligkeit bewertet, sondern die präzise Ausübung des Pflügens.*** Es werden Kategorien je nach Art des Pfluges erstellt, in welche die einzelnen Teilnehmer eingeteilt werden und gegeneinander antreten. Die gepflügte Fläche wird von Richtern bewertet.

## Rahmenprogramm

Verständlicherweise wird während der Veranstaltung der Akzent auf den Pflugwettbewerb und das fachmännische Pflügen gesetzt. Die LLJ Süden hat jedoch ein Rahmenprogramm für die Teilnehmer und das Publikum aufgestellt, das - nebst der ganztägigen Unterhaltung – die Ausstellung der Fendt-Traktoren 1.000 Vario oder Vario Guide, sowie die Vorführung der innovativen Kverneland-Bodenbearbeitung mit dem i-Pflug bis U-Drill vorsieht. Des Weiteren werden luxemburgische Produkte zum Kauf angeboten oder Expo-Stände über die Entwicklungszusammenarbeit in Afrika der NRO „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l." die interessierten Besucher informieren.

*Am 27. August 2016*

21:00 Uhr: Tanzveranstaltung mit „Djails"

*Am 28. August 2016*

Bis 11:00 Uhr: Training für die Teilnehmer
11:00 Uhr: Eröffnung des 1. Pflugwettbewerbes der LLJ Süden




14:00 Uhr: Startschuss des Pflugwettbewerbes
16.30 Uhr: Vorführung des Fendt 1.000 Vario / des Fendt Vario Guide

Am 28. August 2016 ist in Goeblange bestens für Unterhaltung, Essen und Getränke gesorgt. Somit sind nicht nur interessierte Landwirte, sondern auch Familien und Jugendgruppen aufs Herzlichste eingeladen, in Goeblange vorbeizuschauen.

***Mitgeteilt vom Organisationskomitee des „1. Plouconcours"***

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.

# Aktioun – Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun




*Visite vum Centre de santé vu Soa vu Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren am Joer 2014*

Zënter laange Jore gehéiert déi lokal Schwëstere-Communautéit vun de Soeurs de Sainte Marie vu Soa am Kamerun zu de Partner vun der ONG. Esou gouf beispillsweis zu Soa an de Joren 2011, resp. 2012 – an zwou Etappen – en Dispensaire ausgebaut an equipéiert, fir der grousser Demande vun der Bevëlkerung nozekommen, fir hir medezinesch Versuergung ze garantéieren.

Uschléissend un dës Etapp konnten am Februar 2014 déi éischt Aarbechten un engem neie Fligel am Dispensaire an Ugréff geholl ginn, deen elo ausschliisslech de schwangere Fraen an/oder de jonke Mamme mat hire Bébéen zur Verfügung steet. Si kënnen esou getrennt vun de Kranken, déi am Dispensaire behandelt ginn, en charge geholl ginn.



An deem eestäckege Bau mat engem Espace fir Accueil, enger Salle d'accouchement, engem Aarbechtsraum, fënnef Eenzelzëmmer an zwee Gemeinschaftszëmmer, stinn de Fraen 13 Better a 7 Wéien zur Verfügung. D'Statioun ass mat deenen néidegen Instrumenter a Maschinnen equipéiert, fir d'Accouchementer an de Suivi vun de Bébéen ënner gudde Konditiounen duerchzeféieren. Dësweidere konnt eng Jeep ugeschaf ginn, déi an dréngende Fäll als Ambulanz agesat gëtt. De Projet hat e Budget vun 236.732,46€; 2/3 dovu si vum Lëtzebuerger Kooperatiounsministär iwwerholl ginn.

De Bau an den Equipement vum Dispensaire an der klenger Maternité si mat verschiddenen nationalen an internationale Programmer vereinbar, déi ënner anerem d'Bekämpfung vun der Mamme-/Kannerstierflechkeet a vum AIDS, an déi allgemeng Gesondheetsförderung vun deem a prekäre Verhältnesser liewenden Deel vun der Bevëlkerung an de Fokus setzen. Obschonn, datt iwwer de Projet villes realiséiert konnt ginn, sinn déi Verantwortlech vun eiser ONG gewëllt, fir déi kleng Maternité mat der Finanzéierung vu weiderem Equipement ze ënnerstëtzen.

Tatsächlech huet déi medezinesch Versuergung vun de Fraen a Kanner zënter der Konstruktioun vun der Maternité ëm 41%, resp. 30% zougeholl. Deemno ginn am Centre de santé an der Moyenne/Mount 500 Patiente behandelt. Zousätzlech kommen all Mount 80 schwanger Frae fir d'Consultations prénatales an d'Maternité an et gi 40 Bébéen do gebuer. Mat der Aktioun soll d'Maternité mat folgendem zousätzlechem Material equipéiert ginn:

| | |
|---|---|
| *1 aspirateur de mucosité* | *382,00€* |
| *2 boîtes d'accouchement complètes* | *763,00€* |
| *1 boîte de petite chirurgie* | *382,00€* |
| *1 table d'accouchement* | *1.525,00€* |
| *1 couveuse électrique* | *6.861,00€* |
| *Total:* | *9.913,00€* |

**Wann och Dir d'Aktioun ënnerstëtze wëllt, kënnt Dir dat maache mat engem Don un d'ONG:**

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren Service Coopération a.s.b.l.

CCPL : LU05 1111 0050 3083 0000

CCRA: LU32 0090 0000 0157 8004

Vermierk: Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa"

Ären Don ass steierlech ofsetzbar!

Mir soen am Viraus e grousse Merci, fir all Ënnerstëtzung.

***De Verwaltungsrot vun der ONG***



# Visite vu jonke Schüler aus de Krichsregiounen um Betrib vum Fränz Schlechter

En Dënschdeg, den 31. Mee 2016 huet eng Classe d'accueil vu jonke Schüler aus de Krichsregiounen – déi am Moment am Sportlycée aus der Stad ënnerriicht ginn – de Betrib vum Fränz Schlechter, Vizepresident vun der LLJ, zu Reiler besicht.

Bei där Geleeënheet konnten si sech eng Iddi maachen, wéi d'Véizuucht an Europa organiséiert a bedriwwe gëtt.



*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.*

## De Verwaltungsrot vun der ONG-D

**Exercice 2016 – 2017**

| | |
|---|---|
| **President:** | RICHER Romain, Abbé |
| **1. Vizepresidentin:** | DORNSEIFFER-MARX Marie-Claude |
| **2. Vizepresident:** | SCHILTGES Carlo |
| **Trésorière:** | LISARELLI-SCHLEICH Marianne |
| **Sekretär:** | GLODT François |
| **Memberen:** | JANSSEN Carlo |
| | MAJERUS-CLEMES Martine |
| | MITSCH Philippe |
| | SCHARES-LEONARDY Conny |
| | WOLTER-HILGERT Fernande |
| **Chargée de projets:** | MONVILLE Jacqueline |



*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.*

## Ënnerstëtzung vun eiser Kooperatiounsaarbecht an Afrika

**Scheckiwwerreechung vu BAKO**




En Dënschdeg, den 22. Mäerz 2016 hunn déi Verantwortlech vun der Bauere Kooperativ (BAKO) d'Vertrieder vun der ONG-D an d'Presidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ), Nelly Meyers, an hir Raimlechkeeten op Housen ageluedeen.

A Präsenz vum Landwirtschaftsminister Fernand Etgen hunn si e Scheck am Wäert vun 1.329,27 € un den Abbé Romain Richer (3.v.l), President vun der ONG, an un de Carlo Schiltges (1.v.l.), Vize-President, iwwerreecht. Mat dësem Don – dee bestëmmt ass, fir d'Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun" ze ënnerstëtzen – weisen sech déi Verantwortlech vu BAKO erkenntlech, fir den Asaz, deen d'Membere vun der LLJ op hirer Porte ouverte am September 2015 geleescht hunn.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG-D riichte mir e grousse Merci u BAKO fir dee schéine Gest zugonschte vun de Frae vu Soa. Informatiounen zu der Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun" fënnt deen Interesséierte weiderhin ënner www.jongbaueren.lu

## Weider Ënnerstëtzung

Der Famill vum verstuerwenen **Här Théo Schweitzer vu Léiweng** dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG säi chrëschtlecht Bäileed aus. Si huet an hirer déiwer Trauer en Zeeche vun Hoffnung fir mannerbemëttelt Bauerefamilljen an Afrika gesat.

***Allen Donateure soe mir e ganz grousse Merci fir déi generéis Ënnerstëtzung vun eiser Kooperatiounsaarbecht an Afrika***

# Geschichte schreiben



Wenn man Geschichte schreibt, „ist das etwas Faszinierendes". Mit diesen Worten würdigte Joachim Löw, der Trainer der Nationalmannschaft, den Titelgewinn seines Teams, das als erste europäische Mannschaft in einem südamerikanischen Land Fußballweltmeister wurde. Der Wunsch, Geschichte zu schreiben, die Hoffnung, dass ich und mein Handeln nicht einfach wieder dem Vergessen anheimfallen, dass etwas von mir und meinem Leben den Moment überdauert, sind ein Grundzug des Menschen.

In den verschiedenen liturgischen Feiern erinnern sich Christen daran, dass es zur Berufung des Menschen gehört, Geschichte zu schreiben, weil die Geschichte eines jeden eingeschrieben ist in die Geschichte Gottes mit dem Menschen. Denn selbst „wenn der Mensch Gott vergessen hat", gilt mit dem orthodoxen Theologen Alexander Schmemann (1921-1983) doch, dass „Gott den Menschen nicht vergessen" hat und sich nicht vom Menschen abgewandt, sondern die „vergängliche Zeit ‚dieser Welt' in eine Geschichte des Heils verwandelt" hat. Der heilsgeschichtliche Durchgang etwa in den Hochgebeten der Liturgie für Taufe und Trauung will so nicht nur das im Glauben gedeutete Handeln Gottes in der Geschichte vor Augen führen, sondern bringt mit der Bitte um die Gabe und den Beistand des Heiligen Geistes zugleich zum Ausdruck, dass der Taufbewerber und das Hochzeitspaar Teil dieser Geschichte Gottes mit dem Menschen sind. In der sakramentalen Feier werden sie dazu bestellt, diese Geschichte in ihrem Handeln fortzusetzen und mit dazu beizutragen, dass daraus eine Geschichte des Heils wird.

Es ist gerade das, worin die Größe des Menschen und das Faszinierende des Lebens bestehen: dass ich mit der Geschichte meines Lebens Geschichte schreibe.

***CIG 28/2015***



# In Rufweite

Wenn auch unser Leben endlich ist zwischen Geburt und Tod, zwischen Gesundheit und Krankheit, zwischen Erfüllung und Enttäuschung, es bleibt dabei: Solange wir atmen und sagen können, wir leben, ist Gottes Nähe zu uns gewiss. Vielleicht ist das Gebet zum Heiligen Geist eines der aufrichtigsten und einfachsten zugleich: „Komm, Heiliger Geist, erfülle die Herzen deiner Gläubigen und entzünde in ihnen das Feuer deiner Liebe! Komm, Heiliger Geist!" Solange Atem ist in mir, so lange hört Gott alles, den Schrei, das verzweifelnde Schluchzen. Er nimmt wahr das behutsame Lächeln und das laute Lachen. Was immer uns geschieht, er ist in Rufweite.

***Manfred Entrich in:***
***„Was mich täglich atmen lässt"***
*(Butzon & Bercker, Kevelaer 2014)*

# Vom Atem leben

Spiritualität bedeutet, die ganze Welt in Ehrfurcht in sich aufzunehmen und sie mit dem eigenen Leib zu schützen und zu schirmen, mit der Unbeugsamkeit einer Gerechtigkeit, die der Liebe entspringt. Spiritualität bedeutet, vom Atem eines Gottes zu leben, der seine Hände jeden Tag den Ausgestoßenen entgegenstreckt.

***Joan Chittister in:***
***„Das Leben beginnt in dir"***
*(Verlag Herder, Freiburg 2015)*


## *Impressum*

**Herausgabe:**
*ACML*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 LUXEMBOURG*

*Verantwortung*:

**Aktioun**:
*Fernand Huberty* *44743-251*
*Jean-Paul Schneider* *44743-251*

**Duerf:**
*Romain Richer* *44 743-562*
*Franz Glodt* *44 743-252*

**Druck:**
*Saint-Paul Luxembourg*

**Erscheinungsdatum:**
*zehn mal jährlich*